N°5554
Reçue le 24.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 24.01.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Artikel vu *Luxembourg Times* („Detection of EU fraud in Luxembourg ‚very weak', says EPPO"; 20.1.2022) liest een, datt d'EPPO (European Public Prosecuter's Office) der Lëtzebuerger Regierung reprochéiert, net enk genuch mat dëser wichteger EU-Institutioun zesummenzeschaffen. De Gabriel Seixas, Europäesche Procureur a Vertrieder vu Lëtzebuerg bei dëser Institutioun, seet: *„The law to adapt the penal procedure specifically for EPPO has still not been voted on. That leaves us in a rather complicated situation in Luxembourg."* Hie bezitt sech domat op de Projet de loi 7759, deen déi Lëtzebuerger Strofprozessuerdnung un d'EU-Reglement iwwer d'EPPO upasse soll.

Dëse Projet de loi ass effektiv, ee Joer, nodeems en an der Chamber deponéiert gouf, nach ëmmer net gestëmmt. De Gabriel Seixas mengt an deem Kontext: *„I think that if we had the procedure in place, we would be able to detect a lot more fraud."*

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi steet d'Madamm Minister zu de Virwërf vun der EPPO? Ass d'Lëtzebuerger Regierung un d'EPPO erugetrueden, fir dës Virwërf ze entkräften?
2) Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt d'EPPO, een halleft Joer, nodeems si hir Aarbecht opgeholl huet, voll operabel ass, fir Fraudë géint d'EU-Interessen hei am Land ze bekämpfen? Wann net, aus wéi enge Grënn ass dat bis elo net méiglech?
3) Wéi gesäit d'Madamm Minister generell d'Zesummenaarbecht tëscht EPPO a Lëtzebuerger Regierung?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten